N°239
Entrée le 08.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 239 vun den éierbaren Deputéierten Luc Emering an André Bauler**

***1.Ëm wat fir administrativ Vereinfachungen handelt et sech?***

***2.Op wat fir Instrumenter a Mëttel wëll d'Madamm Minister zréckgräife fir den Acteuren aus dem Secteur administrativ Aufgaben ofzehuelen?***

Op EU Niveau setze mer eis konsequent dofir an, datt d'Prozedure vereinfacht ginn. Sou siche mer no praktikabele Léisunge fir d'Dokumentatioun an d'Bürokratie ze vereinfachen.
De Kontrollopwand bei Investitiounsbäihëllefen gëtt erliichtert. Et gëtt e Screening gemaach fir Hürden ofzebauen, notamment bei den Demandë, Prozeduren a Kontrollen. Duerch dës Optimiséierung soll dem Betribsleeder säin Zäitopwand reduzéiert ginn.
De Prozess fir Demanden anzereeche gëtt vereinfacht, andeems déi eenzel Schrëtt an Dokumenter miniméiert ginn, a gläichzäiteg d'Transparenz an d'Verständlechkeet vun der Prozedur verbessert ginn.

***3. Ass den aktuellen administrativen Opwand vun de landwirtschaftlechen Acteure pro Beruffsprofil schonn eemol quantifizéiert ginn? Gëtt et do detailléiert statistescht Material?***

Neen

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2024

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN